Hierscht 2015 hiren Télématique-System soll fonctionnéieren.

Dann ass och vill gefrot ginn: Wéini geet de Chantier un? Ben, et ass virgesinn, datt de Chantier ugeet haaptsächlech an der Gare selwer. D'Quaien, déi sollen ufanks 2016 ufänke gebaut ze ginn. D'Bauzäit vun deem Ganzen ass op fënnef Joer virgesinn. Dat heescht, 2021 bis '22 soll de ganze Projet, dat heescht d'Gare mat de Stroossen, fäerdeg sinn.

Et gëtt och a Phase gebaut. Dat heescht, mir konzentréieren eis natierlech an enger éischter Phas virun allem op d'Gare, well do ass dat Urgentst ze maachen. Ech mengen, et ass vu villen hei gesot ginn, vëlleg zu Recht, datt am Fong déi Gare Ettelbréck wierklech net méi deem entsprécht, wat haut eng modern Gare muss sinn. Also, ech mengen, ech brauch dat net nach eng Kéier alles ze widderhuelen, wat hei gesot ginn ass.

Dann ass gefrot ginn: Jo, wat geschitt op der Gare während där Zäit vum Chantier? Wat ass mam Parking? Wou ginn d'Maschinnen higesat? - Mä duerfir sinn alles Saache virgesinn. Wéinst dem Chantier, wann deen do ass, wäert de Parking da perpendiculaire zu de Gleiser aménagéiert ginn. Woubäi een natierlech ëmmer muss soen: E Chantier vun där doter Envergure, dat ass net, wéi wa kee Chantier do wier. Dat bréngt natierlech Schwieregkeete mat sech.

Ech kommen och herno nach drop zréck, well och vill Froe gestallt gi sinn iwwert d'Verspéidungen an d'Chantieren en général de Moment bei der CFL, mä et mécht ee jo awer dat Ganzt, fir datt et herno soll besser goen. An ech mengen, et muss een natierlech dat gutt communiquéieren, och sur place, an da mengen ech och, datt d'Leit… Bon, natierlech ass ee genervt, wann et vläicht net gradesou gutt geet während dem Chantier, mä vu datt ee jo weess, datt dat alles gemaach gëtt, fir datt et herno vill besser ass, wéi et haut ass, mengen ech, dann hëlt een dat och sécherlech mat a Kaf.

An dann d'Maschinnen, wou ginn déi hin? Déi ginn an der Cour à marchandises implantéiert, also ofgestallt, wann do soll gebaut ginn.

Dat heescht, et ass schonn dru geduecht ginn, wéi dat Ganzt organiséiert gëtt. Wéi gesot, nach ëmmer mat där Remarque, datt et e Chantier bleift an datt op engem Chantier net alles normal fonctionnéiert an och sécherlech dat eent oder anert ka virkommen. Mä et soll awer versicht ginn, dat esou gutt a maximal gutt ze organiséieren, datt näischt soll virkommen.

Da sinn och Froe gestallt ginn iwwert dee berühmte verseuchte Buedem an iwwert dee Bunker. Éischtens wëll ech lech soen, et gëtt ëmmer esou gemaach, wéi wann dat deenen net bekannt wär, déi hei solle bauen. Dat stëmmt net! D'Pläng leie ganz kloer der CFL respektiv de Ponts et Chaussées vir, an et ass och genau gewosst, wou dee Bunker ass. An et ass och gewosst, datt et do verseuchte Buedem gëtt. Mä fir awer dorauser ze maachen, wéi wann een dee Problem net kéint léisen, jo, dat ass jo awer elo nu wierklech un den Hoer erbäigezunn.

Natierlech, bei engem verseuchte Buedem huet een ni eng honnertprozenteg Garantie, op wat een herno stéisst. Mä ech soen lech awer, wa mer esou géife räsonéieren, ma dann hätte mer op Belval oder op anere Plaze guer net brauchen unzefänken, eppes ze maachen. Wa mer elo iwwerall higinn, wou mer nëmme mengen, datt verseuchte Buedem wär, a mir soen, mir ginn net méi doru fréckelen, da soen ech lech, da maache mer net méi ganz vill op ville Plazen. Mä et muss jo awer virun allem och drëms goen, grad do, wou industriell Aktivitéiten och scho stattfonnt hunn, datt mer déi erëm hierstellen an datt mer dorauser eppes aneschters maachen, wéi datt mer do de Buedem, dee verseuchte Buedem einfach leie loossen.

Ech kréie gesot, datt am Moment op Basis vun deenen Analysen, déi gemaach gi sinn, an et sinn der gemaach ginn, déi Pollutioun do bekannt ass an datt se sech awer a Grenzen hält an, virun allem, datt se maîtrisabel ass. An ech mengen, och dat muss mir duergoen à ce stade, fir datt mer kënnen de Projet ugoen. Wéi gesot, natierlech ëmmer, wann ee bis bei esou Saache buert, kënnen duerchweegs och Iwwerraschunge virkommen. Mä ech mengen awer och, datt déi ze maîtriséiere sinn.

An dat nämlecht gëllt fir dee Bunker. Et ass bekannt, wou en ass, an da muss ee sech esou organiséieren, datt een dat och do maîtriséiert kritt, an dat ass duerchweegs awer och méiglech.

Dann ass gefrot gi vum Här Turpel: Si Calculle gemaach gi vun der CMT ronderëm dee ganzen Tunnel, dee gebaut gëtt fir d'Autoen? Natierlech, ech mengen, dat hate mer lech an der Kommissioun jo och gewisen, déi ganz CMT-Simulatiounen, déi gi landeswäit gemaach. An natierlech ginn där bei all grousse Projet gemaach ganz genau am Detail, fir ze kucken, wéi d'Fluxe sech entwéckelen ëmmer och mat Pronosticke vun der Verkéiersentwécklung.

Déi si selbstverständlech och hei gemaach ginn. Ech mengen, dee Film, dee gewise ginn ass an deen och um Internet vum Ministère ze kucken ass, dat ass méi eng Gesamtvue, fir einfach ze veranschaulechen, wéi dat herno soll fonctionnéieren. Dat huet elo näischt mat de Simulatiounen direkt ze dinn, mä et sinn natierlech och do Simulatioune gemaach ginn.

Da stellt d'Fro sech elo vun de Schwieregkeete bei de Bus/Zuch-Korrespondenzen. Et ass och gefrot ginn am Kader vum neien Horaire vun der Nordstreck, dee jo de 14. Dezember elo ugeet, wou mer jo den Hallefstonnentakt aféieren, wat jo, dat muss een emol soen, haaptsächlech tëschent Ettelbréck an Ëlwen eng immens Verbesserung ass. Mir ginn do vum Stonnentakt op den Hallefstonnentakt. A bei allem, wat ee sécherlech ka kritiséieren, wat nach net fonctionnéiert, ass dat emol eng Verbesserung.

Da bleiwen natierlech, well eng Rei Chantiere sinn, eng Rei Schwieregkeeten op: datt mer zum Beispill och tëschent Ettelbréck a Lëtzebuerg net kënnen an de Spëtzestonnen all déi Zich ubidden, déi mer haut ubidden, well et eegleiseg geet op engem klenge Stéck ënnen, wéinst dem Arrêt Pont Rouge, well do jo d'Gleiser mussen ëmgebaut ginn. Mä och do bieden ech ëm Verständnis, well mir maachen dat jo, fir datt herno fir d'Leit vun der Nordstreck en immense Gewënn dobäi erauskënnt.

Wann deen Arrêt bis fäerdeg ass, an dat ass eben nach eng batter Zäit, vläicht zwee, zwee an en halleft Joer, da wënnt een, wann een op de Kierchbierg fiert, bis zu 20 Minutte Fahrzäit par rapport zu haut. Ech mengen, dat gëtt eng immens Steigerung vum ëffentlechen Transport. An dat nämlecht betrëfft natierlech de Busréseau.

Mäi Ministère gëtt haut nach e Communiqué eraus, wéi de Busréseau…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Dir misst esou lues zur Konklusioun kommen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-* Här President, ech sinn direkt fäerdeg. Nach just ee Saz, wann Der erlaabt, ech sinn amgaangen.

Mir hu misse 70 Buslinnen op der ganzer Nordstreck reorganiséiere wéinst dem Takt, deen elo agefouert ginn ass. Mir wäerten haut och e Communiqué erausginn, wou mer dat kuerz erklären. An op dem Site www.mddi.lu gesäit ee genau, wat fir eng Linn datt dat ass.

An et ass versicht ginn, natierlech dee Bus esou ze organiséieren op den Hallefstonnentakt, datt d'Korrespondenze mat de Fluxen an der Richtung fonctionnéieren. Dat heescht, an de Spëtzestonnen, wou jo alles da Richtung éischter Stad oder Ettelbréck fiert, datt do d'Buskorrespondenz klappt a Richtung vun do, wou d'Leit wëlle fueren, respektiv owes, wann et erausgeet, d'nämlecht. Dat heescht, mir wäerten et och observéieren, dat steet och am Communiqué dran, déi nächst zwee, dräi Méint, an do, wou mer Reklamatioune kréien, do, wou muss nogebessert ginn, gëtt selbstverständlech nogebessert.

Dir kënnt lech jo virstellen, wann een den Hallefstonnentakt aféiert an et muss ee 70 Linnen dorobber upassen, dat ass natierlech net esou einfach. An do komme sécherlech déi eng oder aner Couacke vir, an da wäerte mer déi och da verbesseren.

Dann nach e leschte Saz zu deem Communiqué vum Mouvement écologique…

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo, Président)

Här President, et sinn immens vill Froe gestallt ginn, ech entschëllege mech derfir. Ech wëll se awer all beäntwerten.

De leschte Saz zu deem Communiqué. Et ass nach eng grouss Reform vum RGTR, déi steet jo nach aus souwisou, déi generell Reform, a mir wäerten och higoen an do mat Forume schaffen, Utilisateursforumen. Haaptsächlech wäerte mer e Pilotprojet maachen op der Nordstreck, wou mer selbstverständlech dann och kucken, eng Rei Doléancen nach mat ze verschaffen, déi elo nach sécherlech opstinn.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister.

Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir géifen iwwert de Projet fir déi nei Ettelbrécker Gare ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6734 et dispense du second vote constitutionnel

Et ass de Projet 6734 an d'Ofstëmmung huet ugefaangen.

(Interruptions)

Jo, do schéngt eppes net ze klappen. Jo, ech ka selwer net ofstëmmen.

(Interruptions)

Et schénge 60 Leit ofgestëmmt ze hunn, also ginn ech dovunner aus…

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Neen, ech stëmmen hei esou of wéi déi gréng zu Ettelbréck am Gemengerot.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Sou, wann ech gelift, mir sinn hei bei der Ofstëmmung. Ech kucken emol…

(Interruptions et hilarité)

57 Jo an 3 Neen. Mir kucken nach eng Kéier d'Ofstëmmung genee no, well et schéngt iergendeppes awer net esou honnertprozenteg geklappt ze hunn.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz (par M. Paul-Henri Meyers), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par M. Serge Wilmes);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler (par M. Eugène Berger), Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Gast Gibéryen).

Dat gesot, géif ech d'Chamber nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

Mir géifen dann zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet 6566. Hei geet et ëm ee grenziwwerschreidenden Austausch vun Informatioune bei Verkéiersdelikter. An d'Wuert huet direkt fir sech selwer d'Madame Josée Lorsché, Rapportrice.

7. 6566 - Projet de loi facilitant l'échange transfrontalier d'informations concernant les infractions en matière de sécurité routière

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 6566 geet et ëm d'Ëmsetzung an déi national Gesetzgebung vun der europäescher Direktiv 2011/82. D'Zil besteet doran, de grenziwwerschreidenden Informatiounsaustausch a puncto Verkéiersdelikter ze vereinfachen an d'Verkéiersséchérheet an Europa ze erhéijen.

Den Europäesche Geriichtshaff huet dës Direktiv de 6. Mee 2014 iwwer en Arrêt annulléiert, well se op enger falscher Rechtsgrondlag berout. Dat kënnt net oft vir. D'Direktiv berifft sech nämlech op déi international Zesammenaarbecht vun der Police, déi net an direkter Relatioun steet zu der Verkéierspolitik, mä zu der Sécherheetspolitik, déi an en anere Kompetenzberäich fält.

Géint d'Zilsetzung vun der Direktiv huet den Europäesche Geriichtshaff keng Awänn erhuewen, an dat ass dann och de Grond, firwat mir d'Direktiv trotzdeem ëmsetze sollen. Woubäi d'Effete vun der Direktiv bis zu engem Délai vun zwielef Méint nom Arrêt en vigueur solle bleiwen. Laut den Informatiounen, déi ech vum Europadeputéierte Claude Turmes kritt hunn, ass d'Direktiv mëttlerweil iwwerschafft ginn a wäert Enn Februar virleien. An dee Moment wäerte mir dann och eng Modifikatioun vum Gesetz virhuelen.

Dat virausgeschéckt, kommen ech zum Oflaf vun den Aarbechten an der Kommissioun an och zum Inhalt vum Projet de loi. De Gesetzesprojet ass de 16. Abrëll 2013 scho vum fréieren Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler déposéiert ginn.

D'Avise vum Statsrot datéiere vum 22. Oktober 2013 a vum 3. Juni 2014. Déi verschidden Avise vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers datéiere vum 3. Juni 2013, 17. Juli 2013 an 19. Juni 2014. Déi zwee Avise vun der Commission nationale pour la protection des données si vum 25. Juli 2013 a vum 19. Juni 2014. Dir gesitt, datt vill Avisen heizou erakoumen.

Den 10. Februar 2014 huet d'Kommissioun mech als Rapportrice designéiert. Den 23. Abrëll 2014 huet d'Kommissioun de Projet de loi an den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl an huet eng Rei vu parlamentareschen Amendementer formuléiert.

Nodeems d'Nohaltegkeetskommissioun iwwer eng europäesch Kommunikatioun informéiert ginn ass, datt d'Direktiv trotz hirer Annullatioun misst ëmgesat ginn - mir waren eis um Ufank net esou sécher -, hu mir eis den 8. Oktober 2014 mam Avis complémentaire vum Statsrot befaasst an hunn de virleienden Text schlussendlech zréckbehalen. De 26. November 2014 huet d'Kommissioun mäi Rapport dann eestëmmeg ugeholl.

Ech kommen zum konkreten Deel. Konkret geet et ëm d'Verbesserung vum Informatiounsaustausch tëschent de Memberstaten am Fall, wou eng Verkéiersinfraktioun an engem anere Land stattfënnt wéi an deem vun der Immatrikulatioun vum Véhicule. Och Drëttstate kënne sech un deem Informatiounsaustausch bedeelegen, wa se déi néideg Konditiounen erfëllen. Bis elo ass et esou, datt déi entspriechend Verkéiersinfraktiounen oft net mat Geldstrofen oder penale Sanktioune kënne beluecht ginn, ganz einfach, well de Besëtzer vum Gefier net ze identifizéieren ass. D'Informatioune sinn dann dee Moment net ofruffbar.

Obscho vill Efforte gemaach gi sinn, fir d'Zesummenaarbecht um europäeschen Niveau ze verstäerken, ass ebe just de Volet vun der Verkéiersséchérheet vernoléissegt ginn. Och am Beräich vun der Verkéiersséchérheet, kann ee soen, si verschidde bilateral Ofkommessen ofgeschloss ginn, respektiv och regional Ofkommessen, mä déi haten natierlech ëmmer nëmmen eng limitéiert Envergure, well de ganzen europäeschen Territoire net erfaasst ginn ass.

Mam Projet de loi vun haut soll de géigesäitegen Accès zu den Datebanken a puncto Immatrikulatioun assuréiert ginn, fir de Propriétaire vum Véhicule och am Ausland dann eben ze identifizéieren. D'Opportunitéit vun der Poursuite an d'Exekutioun vun der Sanktioun fält duerno an d'Kompetenz vun deem Stat, an deem d'Infraktioun begaange ginn ass an entsprécht der Legislatioun vun deem betraffene Land.

Dee Moment, wou den Numm an d'Adress vum soupçonnéierten Auteur vun der Infraktioun bekannt sinn, gëtt hien oder si - d'Frae loossen der bekanntlech manner fléien am Verkéier - an der offizieller Sprooch vu sengem Heemechtsland iwwert d'Sanktiounen an déi juristesch Konsequenzen informéiert, déi am Land vun der Infraktioun en vigueur sinn.

Den Ofruff vun den Daten erfollegt iwwert den europäesche System EUCARIS, den European Car and Driving License Information System, deen hei am Land 2004 en place gesat ginn ass. Den Accès zu den Daten ass dem sougenannten „Point de contact national" virbehalen. Déi protokolléiert Date gi fir eng Dauer vu sechs Méint oprechterhalen an däerfe vum Empfängerstat nëmme benotzt ginn, fir de schëllege Chauffer ze ermëttelen. Am Fall, wou déi ugeschriwwe Persoun de Verkéiersdelikt contestéiert, muss si sech un de Parquet wenden, fir eng Enquête an d'Wee ze leeden.

D'Direktiv, ëm déi et haut geet, harmoniséiert also weder d'Zort vun den Infraktiounen nach déi jeeweileg Sanktiounen, déi an de Memberstaten applizéiert ginn. Ënnert d'Applikatioun vum Gesetz falen all Infraktiounen, déi eng grouss Gefor fir d'Verkéiersséchérheet duerstellen. Déi kennt Der alleguer, dat sinn: d'Geschwindegkeetsiwwerschreidung, d'Netdroe vum Sécherheetsgurt respektiv och d'Netdroe vum Casque um Motorrad, d'Duerchfuere vun enger rouder Luucht, d'Fueren ënnert dem Afloss vun Drogen oder Alkohol, d'Fueren op

enger Strooss oder enger Fuerbunn, déi fir den Trafic verbueden ass. Dann awer och d'Benotze vun engem portabelen Tëlefon oder vun engem anere Kommunikatiounsmëttel während dem Fueren.

Ech sinn da scho beim Statsrot, deen awer ganz vill ze soen hat dës Kéier. En huet eng ganz Rei redaktionell a juristesch Inkohärenze festgestallt, op déi ech am Commentaire des articles vu mengem schréftleche Rapport am Detail agaange sinn. Wéinst der Zäit ass et wierklech net méiglech, hei op all Detail anzegoen. Et waren der eng Hällewull. D'Kommissioun huet de Recommandatioune vum Statsrot gréisstendeels Rechnung gedroen, mä net grad ëmmer.

Déi wichtegst Punkten, déi an deem Kontext zur Diskussioun stoungen, wéilt ech just kuerz resüméieren: Bei der Definitioun vum obligatoresche Point de contact national, deen den Informatiounsaustausch am jeeweilege Land soll assuréieren, huet de Statsrot proposéiert, de Service Opérations et Prévention vun der Police an d'Gesetz anzeschreiwen. D'Kommissioun war sech wuel eens, der Police dës Kompetenz zouzeschreiwen, huet awer décidéiert, kee bestëmmte Service iwwert d'Gesetz ze designéieren. Dëst ebe just, fir ze verhënneren, datt eng Neiorganisatioun vun der Police zu enger Modifikatioun vum Gesetz misst féieren.

De Statsrot huet dann och drop higewisen, datt Groussbritannien, Irland an Dänemark net un d'Direktiv gebonne sinn. Dat, well déi Länner sech net un der Coopération policière bedeelegen, déi jo an der aktueller Direktiv nach d'Base légale duerstellt. Wann d'Direktiv bis geännert ass, kann et gutt sinn, datt déi Länner dann och wäerten ënnert dës Direktiv falen. Dat heescht, datt Lëtzebuerg keng Informatioune vun deene Länner däerf afuerderen an deene Länner och keng Informatioune brauch weiderzeginn. D'Kommissioun huet och hei den Text an deem Sënn ugepasst.

Ech kéim dann zum Dateschutz, wat e komplexe Volet ass. Hei huet de Statsrot eng Opposition formelle erhuewen, well de Projet de loi sech a sengem ursprünglechen Text op eng europäesch Kaderdécisioun aus dem Joer 2008 beruff huet, déi de Kampf géint den Terrorismus a géint déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit als Objet hat. Lëtzebuerg hat dës Kaderdécisioun awer net ëmgesat, soudatt et e Feeler war, se hei am Text ze nennen. D'Referenz op d'Décision-cadre ass doropshin erausgeholl ginn aus dem Text.

Heizou bleift ze soen, datt de Règlement grand-ducal vum 21.12.2004 et erméiglecht huet, e Fichier vun deene Persounen unzeleeën, déi en Avertissement taxé duerch eng Verkéiersinfraktioun kritt hunn. Déi Verkéiersdelikter, déi mat enger Prisongsstrof verbonne sinn, sinn net vun dësem Règlement grand-ducal ofgedeckt, wat d'Commission nationale dozou beweegt huet, eng Kritik auszeüben an deem Sënn, dass eben och deem Volet misst an eiser Gesetzgebung Rechnung gedroe ginn.

A mengem schréftleche Rapport fannt Dir weider Prezisiounen zum Projet de loi an zu den eenzelnen Avisen. Wéi gesot, et waren der ganz vill. Generell muss een awer festhalen, datt sämtlech Instanzen d'Transpositioun vun dëser Direktiv guttgehalen hunn an och begréisst hunn.

Ofschléissend wéilt ech der Madame Josiane Pauly aus dem Nohaltegkeetsministère e grousse Merci ausdrécken. Si huet eis ausgezeechent beroden, wat de juristesche Volet ubelaangt, an doduerch si mer dann och mat dëser schwiereger Matière duerch de Bësch komm.

Domat ginn ech gläichzäiteg dann och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech schonn erëm Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci der Madame Lorsché. Dat war eng punktgenee Landung. Och wann d'Zäit virdru rout gewisen huet, war se nach am Gréngen.

(Brouhaha)

Ech soen lech Merci.

An deen éischte Riedner ass den Här Serge Wilmes.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt villmools Merci der Madame Lorsché fir hire Rapport. Si huet genau beschriwwen, ëm wat et hei geet, an huet déi wichtegst Punkte genannt. Fir eis ass et e wichtege Projet de loi, well en effektiv derfir suergt, datt, wann een am Ausland eng Infraktioun mécht am Verkéier respektiv wann heiheem ebe Leit, déi net vu Lëtzebuerg sinn, eng Infraktioun zu Lëtzebuerg maachen am Verkéier, een dann dee Moment och bestrooft gëtt, datt mer u sech also och déi Informatioune kënne kréien, fir eben d'Infraktioun festzestellen a fir och d'Infraktioun kënnen dann ze sanktionéieren.

Wichteg ass awer ze ënnersträichen, wat d'Madame Rapportrice jo och gemaach huet, datt et sech hei ëm d'Ëmsetze vun enger Direktiv handelt, awer datt déi Direktiv net virgesäit, datt mer elo géife Sanktioune respektiv Infraktiounen harmoniséieren. Also, et ass net en Harmonisatiounsprozess. An all Land bleiwe weiderhin déi Sanktiounen an och déi Infraktioune bestoen, déi bis elo an deene Legislatioune bestanen hunn.

Zur Direktiv awer nach: Am Mee vun dësem Joer, do huet den Europäesche Geriichtshaff déi Direktiv annulléiert, well se sech op e falschen Artikel vum europäeschen Traité gestäipt huet, wat dann natierlech dozou féiert, datt dëst Gesetz zwar ka gestëmmt ginn, mä datt et awer trotzdeem sech op eng Direktiv stäipt, déi net méi en vigueur ass. Den Europäesche Geriichtshaff huet zwar gesot, datt hir Effeten nach während engem Joer kënne gëllen, datt mer also nach ëmmer eng legal Basis domadder hunn, mä trotz allem wäert se jo da geännert ginn. An d'Madame Rapportrice huet eng wichteg Informatioun matbruecht, nämlech datt déi Direktiv amgaangen ass, geännert ze ginn.

Elo wéilte mer just gäre wëssen als CSV-Fraktioun, ob scho méi Informatiounen doleien, a wéi eng Richtung datt déi wäert geännert ginn. Well wa se jo esou geännert gëtt, datt mir mussen herno nach eng Kéier e Gesetzesprojet änneren, da wär et interessant ze wëssen, op wéi enge Punkten dann déi substanziell Änderunge wäerte kommen. Soss bräichte mer jo net méi dee Gesetzesprojet nach eng Kéier ze änneren.

Eng aner Fro, déi och bestoe bleift oder déi am Raum ass oder déi een nach vläicht eng Kéier ka soen, ass déi, ob mer net hätte vläicht solle waarden dann einfach, bis datt déi Direktiv da geännert ginn ass, ier mer dann dëse Gesetzesprojet géife stëmmen. Bon, den Här Minister kann eis herno nach eng Kéier dann op deenen dote Punkten eng Äntwert ginn.

Soss, ënnert dem Strëch, si mir fir dëse Gesetzesprojet, mengen ech, well et wichteg ass, datt, wann een an dem Ausland eng Infraktioun mécht, wann ech am Verkéier géint de Code de la route am Ausland verstoussen, respektiv ee bei eis dat mécht, datt dann och awer kënnen déi Sanktiounen an deem Moment geholl ginn, déi een da verdéngt, well et kann ee jo net einfach esou sech jo de Batti stellen. Et muss ee jo dann och kënnen dee Moment seng Strofe kréien.

Dofir si mer da fir dëse Gesetzesprojet. Ech ginn lech dann den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wilmes. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri.

M. Roger Negri *(LSAP).*- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Rapportrice, der Madame Josée Lorsché, e grousse Merci soe fir hir exzellent Rapporten a ginn domadder och den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Negri. Dann den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, laut dem Statec haten 1970 op eise Stroossen 132 Leit hiert Liewe verluer. Dat war u sech bis haut déi héchsten Zuel. 2012 waren et der 34, a leider weist d'Tendenz vun dësem Joer erëm no uewen. An Europa stierwen all Dag an der Moyenne 70 Leit op eise Stroossen. 2011 waren dat der am Ganze 34.000, wéi een am „Annual Statistical Report" noliese kann. Am schlëmmste gesäit d'Situatioun a Rumänien, Polen a Bulgarien aus. D'EU-Kommissioun huet allerdéngs elo e Programm opgesat, laut deem se wëllt da bis 2020 déi ganz Problematik vun den Accidenter ëm d'Halschecht reduzéieren. Tëschent 2010 an 2013 ass och schonn e Réckgang vu 17% festzestellen.

Mir hunn eis jo praktesch dru gewinnt, datt all Dag Accidenter geschéien, schwéier Accidenter, oft leider mat déidlechem Ausgang. An et vergeet jo wierklech keen Dag, wou net eng Heedewull vun Accidenter op eise Stroosse passéieren. D'Haaptursaache sinn och bekannt: Dat si gréisstendeels Vitesse an Alkohol. Dofir ass et wichteg, datt déi gesetzlech Dispositioune permanent och ugepasst ginn.

Et ass kloer, et ass keen, dee wëllt ëmmer zousätzlech repressiv Moossname fuerderen. Mä wann een awer gesäit, wéi verschidde Leit sech am Stroosseverkéier verhalen, da kënnt mat Sécherheet de Législateur net derlaanscht, fir trotzdeem permanent Adaptatioune virzehuelen. Well wa mer déi vill Sensibiliséierungscampagnë kucken, déi gutt gemengte Campagnen, da musse mer awer op där anerer Säit och feststellen, datt se oft wéineg Resonanz hunn. Mam Resultat, datt een, obwuel ee vläicht gären Auto fiert, awer oft munchmol d'Loscht dorunner verléiert.

Elo gëtt duerch dat neit Gesetz hei dann och d'Méiglechkeet geschafen, datt een, wéi gesot, wann een eng Infraktioun an engem aneren europäesche Stat mécht, dann no deem Recht och kann...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, lauschtert dem Riedner no!

M. Gusty Graas *(DP).*- ...sanktionéiert ginn. Déi Direktiv, déi berifft sech jo hei virun allem op grav Virfäll. Well grav ass et mat Sécherheet, wann een duerch Rout fiert. Grav ass et, wann een ënner Alkoholafloss fiert. A grav ass et mat Sécherheet och, wann een d'Vitesselimite net respektéiert. Spéitstens wa mir hei zu Lëtzebuerg d'Gesetz iwwert d'Aféiere vun de Radare wäerte stëmmen, da wäert natierlech déi Dispositioun hei nach vill méi u Gewiicht gewannen.

Et ass natierlech an deem ganzen Dossier hei elo eng juristesch Onkloerheet, op déi ech elo net aginn. Ech mengen, d'Madame Lorsché huet dat am Detail gemaach. Ech profitéieren elo vun der Geleeënheet, fir hir Merci ze soe fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport. Mä trotzdeem, an dat ass jo hei och ënnerstrach ginn, kënne mer awer zu dësem Zäitpunkt dës Direktiv hei stëmmen, wuel wëssend, datt mer natierlech nach eng Adaptatioun nach eng Kéier musse virhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn u sech zwee Aspekter, déi aus dësem Text hei kënnen erausgestrach ginn: éischtens natierlech d'Vermëttlung hei vu perséinlechen Daten iwwert den EUCARIS-Traité, dee mer op dëser Plaz den 28. Januar 2004 gestëmmt haten. Ech wëll och drun erënneren, datt schonn 1993 e Projet pilote ausgeschafft gi war, wat d'Vermëttlung vun Donnéeën ubelaangt um Niveau vu Benelux. Natierlech muss ee sech d'Fro stellen, ob och duerch dës Dispositioune den Dateschutz optimal garantéiert ass. Mir mengen allerdéngs, datt deen néidege juristesche Kader heifir gesat gëtt, fir datt eben déi Garantie och kann dee Moment zréckbehale ginn.

D'Leit hu jo - an och dat soll awer hei ënnerstrach ginn - awer och d'Recht, fir iwwert den Traitement vun hiren Donnéeë permanent informéiert ze ginn, an dat och op Basis vum modifizéierte Gesetz vum 2. August 2002 iwwert den Dateschutz. Wa mer dat villt Leed considéréieren, wat op eise Stroossen, wéi gesot, all Dag passéiert, ech mengen, da muss een och déi Fro vum Dateschutz an deem Kontext hei jiddefalls dach relativéieren.

Et ass dann en zweeten Aspekt, deen een hei soll ënnersträichen, dat ass awer virun allem och déi europäesch Zesummenaarbecht, e Renforcement vun där Zesummenaarbecht. Dat ass u sech och e flott Beispill, wéi d'Europäesch Unioun sech awer och positiv kann duerstellen, a besonnesch an enger Zäit, wou jo leider u sech d'Ënnerstëtzung fir d'Iddi vun engem gemeinsamen Europa net onbedéngt ganz staark ass, ganz au contraire, wat wierklech ze bedaueren ass! Do ass et wichteg, datt och esou „kleng Gesetzer" - tëschent Guillemets - awer trotzdeem derzou bäidroe sollen, fir u sech deen europäesche Geescht nach eng Kéier hei ze ënnersträichen, wat jo awer vill Virdeeler och fir d'Bierger ka mat sech brëngen.

Et muss een an dësem Kontext jo natierlech och op dee gemeinsame Centre iwwert d'Zesummenaarbecht tëschent der Polizei an der Douane hiweisen, dee mer jo och hei duerch d'Gesetz vum leschten 28. Abrëll geschafen haten. Et ass dat ouni Zweifel och e gelongene Projet vun enger grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ze bedaueren ass vläicht de Moment, datt déi Infraktioun, déi een hei zu Lëtzebuerg respektiv an engem anere Land mécht, keng Inzidenz direkt op de Punkteführerschäin huet. Ech soen awer: nach net huet, well ech ginn dervun aus, datt um europäesche Plang awer och do wäerten déi néideg Schrëtt ënnerholl ginn, fir datt, wéi gesot, Gesetzesiwwerschreidungen awer och herno kënne sanktionéiert ginn duerch e Verloscht um Niveau vum Punkteführerschäin.

Ze bedaueren ass och vläicht, datt mer technesch gekuckt nach net esou wäit sinn, datt eben och den Ofstand, dee jo muss gehale ginn - a besonnesch op den Autobunnen ass dat e grousse Problem -, datt dat nach net iwwert deen heite Wee ka sanktionéiert ginn. Mä iwwert d'Gesetz vun de Radaren, wat mer jo dann och nach wäerten an deenen nächste Méint eng Kéier hei stëmmen, ass jo och virgesinn, datt dat kann an Zukunft geahndet ginn, wann een net dee Mindestofstand respektéiert.

Jiddefalls ass dat hei ouni Zweifel aus der Siicht vun der Demokratescher Partei e wichtegt Gesetz, wat mer stëmmen. Ech mengen, et reit sech och e bësselchen an déi Strategie an, déi de Minister jo gëschter hei ugekënnegt huet vu senger „Vision zéro". An dat ass eppes, wat een nëmme kann ënnerstëtzen! Ech mengen, mir hu vill ze vill Problemer um Niveau vum Stroosseverkéier. Déi mussen einfach bekämpft ginn, leider eben, wéi gesot, och duerch zousätzlech legislativ Moossnamen. Nach eng Kéier: Mir sinn déi Lescht, déi fir absolut Repressioun sinn. Mä wann et eben net aneschters geet, da muss awer och hei de Législateur seng Verantwortung iwwerhuelen.

A vu datt de President mech drop hiweist, datt d'Zäit schonn ofgelaf ass, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a gi selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Graas. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Gesetz, wat d'Rechts-, also wat d'Verkéiersséchеrheet soll verstäerken, ass natierlech a priori eng ganz gutt Saach. Mä an dësem Fall hu mir dat Gefill, datt mer Verkéiersséchеrheet antausche géint e Verloscht u Rechtsséchеrheet. An dat ass sécher kee Wee, dee mir wëlle matgoen. Den Här Graas huet och elo gesot, wou e fir d'Demokratesch Partei geschwat huet, et misst ee souguer d'Datesécherheet relativéieren an deem Kontext - och dat stelle mir a Fro!

Wat stelle mir hei fest? An ech soen der Madame Lorsché Merci fir hire ganz komplette Rapport, mä dee Rapport werft eng ganz Rei vu Froen op. Eng éischt Fro ass déi Fro vun der Base légale vun dëser Direktiv. Déi ass nach gutt bis de Mee, well den Europäesche Geriichtshaff se jo gekippt huet, an d'Effeten dovunner sinn nach gutt bis de Mee 2015. Et ass net ze verstoen, datt mer dat elo hei nach an där Form ëmsetzen, ëmsou méi, datt mer souguer an deem Gesetz soen, mir wëllen elo keng speziell Polizeiservicer domadder beoptragen, well mer dann d'Gesetz missten änneren. A mir mussen dat Gesetz souwisou nach eng Kéier iwwerschaffen, wann eng nei Direktiv kënnt, well dat heite keng Base légale méi huet.

Dat ass sécher net de richtege Wee gewiescht. Wat mer hätte solle maachen an där Zäit, dat ass, déi Rahmebedéngunge verbesseren, déi mer brauchen, fir dëst Gesetz wierklech optimal ëmzesetzen, an notamment am Beräich vun der Datesécherheet: déi Décision-cadre vum Conseil Justice an Affaires intérieures vun 2008. Mir hätte sollen och kucken, wéi d'Leit en Accès direct kënne kréien op déi Donnéeën, déi ofgefrot ginn. Déi Prozedur, déi elo virgesinn ass iwwert den Artikel 17 Paragraf 2 vum Gesetz vum 2. August 2002 gëtt keng Zefriddenheet, well dee Gremium, deen do virgesinn ass, iwwerhaapt net déi Moyenen huet, fir mat deenen Ufroen, déi op dee Gremium zoukommen, kënnen eens ze ginn.

Mir sinn och als ADR net iwwerzeegt, datt mer sollten déi sougenannten „dynamesch Ëmsetzung" mat vollzéien, déi eigentlech just doranner besteet, datt herno praktesch an engem Novollzuch dann ouni Aschaltung vum Lëtzebuerger Parlament weider Dispositioune mussen a Lëtzebuerger Recht iwwerholl ginn. Och dat ass net am Sënn vum Respekt virun der Souveränitéit vun de Memberstaten.

Ech wëll och eng ganz Rei aner Problemer opwerfen, déi hei mat deem Gesetz zesummenhänken. Net nëmmen, datt rechtlech Onsécherheete sinn, wat iwwerhaapt d'Base légale ugeet, mä et gëtt nach eng Rei praktesch Problemer.

Éischtens wëll ech emol soen, datt et eng Dérive gëtt vun deem Processus législatif an Europa, déi ee sech emol muss virun Ae féieren.

Viru Joren hu mer jo iwwert den Traité de Prüm hei e Rechtsinstrument geschafen, dat geduecht war, fir Informatiounsaustausch ze erméiglechen, fir géint Terrorismus oder organiséiert Kriminalitéit virzegoen. Haut benotze mer dee Kader, dee mer deemools geschafen hunn, fir Donnéeën iwwer Leit nozefroen, déi vläicht mam Motorrad op enger griichescher Insel gefuer sinn ouni Helm! Dat ass net de Sënn gewiescht vun deem, wat mer ursprénglech geschafen hunn. Mä et ass rechtlech interessant, fir ze gesinn, wann een eng Dier op-

mécht am Dateschutz, wou dat no e puer Joer kann hiféieren!

Ech erënneren drun, datt d'Staten u sech net nëmmen Ziler hu vu Verkéiersséchеrheet an esou weider, mä si hunn och eng Flicht, eng konsularesch Flicht vum Schutz vun hire Statsbierger, déi een dann och an dësem Zesummenhang net däerf aus den Ae verléieren. Wa mer esou eppes schafe wéi dat, wat mer hei diskutéieren, si mer net sécher, datt et kee Mëssbrauch gëtt an den Nofroe vun anere State géintiwwer deenen Donnéeën, déi hei an eisen Datebanke leien.

Et gëtt an dëser Direktiv keng Méiglechkeet, keng kloer Rechtsweeër, fir sech ze wieren. Et gëtt just de Verweis op Rechtsweeër, déi an deem Land eventuell existéieren, vun deem dann e Bréif kënnt. Mä et gëtt keng direkt Méiglechkeet, Asproch ze erhiewen oder Informatiounen ze hu fir déi Persoun hei am Land, déi da vun engem Offroe vun Donnéeë betraff ass.

Da muss een och kucken, déi Leit, déi Autoe verlounen hei am Land, mat wéi enger Rechtssituatioun déi eventuell dann ze dinn hunn. Well de Propriétaire vum Auto, also eng Entreprise, déi Autoe verlount, ass jo net den Délinquant effectif. Wéi eng Problemer sinn dann domadder verbonnen, wann elo en Dän, dee jo elo am Ableck op jidde Fall emol net am Domaine d'application vun där Direktiv ass, hei en Auto lount an duerno an England geet. Dann ass dat eng rechtlech bal onméiglech Situatioun. U wiem bleift dann de Protokoll hänken, deen aus dem Ausland geschéckt gëtt? Wéi eng Rechtsgarantien huet déi Entreprise, fir sech kënnen effikass ze wieren? Et gëtt keng maximal Délaien. Et gëtt keng kloer Prozeduren an deem Fall.

Et sinn also net nëmme Froe vum Dateschutz, déi hei zur Sprooch stinn, mä einfach och Froen iwwert d'Effikassitéit iwwerhaapt vun deenen Dispositiounen, déi hei proposéiert ginn.

Mat all deene Considératiounen..., mir kéinten der nach vill derbäi maachen, iwwert d'Sproochen, iwwer aner Prozeduren, iwwert d'Implikatiounen zum Beispill op de Casier judiciaire hei zu Lëtzebuerg, wann esou Saachen am Ausland sinn. Et ass souguer proposéiert ginn, datt dat soll Implikatiounen op de Punkteführerschäin hunn. Wéi ass et da mam Casier judiciaire hei zu Lëtzebuerg, wann am Ausland esou eng Infraktioun constatéiert gëtt? Alles dat si Froen, déi eigentlech an enger Direktiv, déi gutt gemengt ass, fir méi Verkéiersséchеrheet ze bréngen, awer esou vill Rechtsonséchеrheet bréngen, datt mir net mat op dee Wee ginn, fir dat hei ze stëmmen.

Mir hätte sollen, wann elo eng nei Direktiv verhandelt gëtt, an dat ass jo am Ableck de Fall, vun där Zäit profitéieren, fir ze kucken, fir déi esou ze verbesseren, datt mer kënne Rechtsonséchеrheeten aus dem Wee raumen an den Dateschutz vun de Leit, déi kënne betraff sinn, verbesseren. Dat wär dee Wee gewiescht, deen d'ADR proposéiert hätt.

Ech soen lech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ganz gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Leschte Riedner ass den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Et ass ganz kloer, datt d'Repressioun ee Bestanddeel muss si vun der Verkéiersséchеrheet. Ech wäert herno bei der Interventioun iwwert d'N7 nach dorobber zréckkommen. Trotzdeem stëmme mir géint dee Projet hei, haaptsächlech aus der Ursaach, well en net primär garantéiert, datt déi Repressioun, déi noutwendeg ass, och wierklech funktionéiert, mä och, well den Dateschutz, deen domadder verbonnen ass, net garantéiert ass.

Ech ginn net méi an op déi Froen, déi schonn opgeworf gi sinn iwwert d'Gültegkeet vum Gesetz, wat mer hei stëmmen, datt dat den 9. Mee 2015 (veuillez lire: de 6. Mee 2015) seng Gültegkeet verléiert, well d'Direktiv nëmmen op zwielef Méint nom Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff verlängert ginn ass. Wat iwwregens e ganz bizaarrt Uerteel war, well et war e Prozess vun der Kommissioun géint d'Parlament an de Conseil. Dat ass trotzdeem ganz erstaunlech.

Mä n'empêche, datt d'Kommissioun hei gewonnen huet géint d'Parlament a géint de Conseil, wat d'Base juridique ugeet vum Artikel 87 respektiv 91 vum Traité, a gesot huet, datt wéinst dem Fonctionnement, fir datt et awer ka weiderfonctionnéieren, d'Gesetz nach zwielef Méint kann zielen.

Mir mussen eis also bewosst sinn, datt mer déi Gesetzesännerung hei musse virum 6. Mee 2015 ëmsetzen. An d'Fro, déi ech dem Minister konkret stellen, ass: Wann deen Délai net ka respektéiert ginn, wat heescht dat fir dat heite Gesetz?

Wat eis stéiert, dat ass déi Vermëschung vun der Coopération transfrontalière am Kampf géint den Terrorismus an d'Kriminalitéit mat dem Austausch vun Informatiounen iwwert d'Infraktiounen am Verkéier. An déi Vermëschung ass konstant an deem Gesetz hei dran.

Iwwert d'Coopération transfrontalière hu mer jo scho geschwat den 28. Abrëll an der Chamber hei, wou eis Fraktioun déi eenzeg war, déi géint dat Gesetz do gestëmmt huet, well och dat Gesetz, wat den Dateschutz ugeet, grouss Lacunnen opweist, awer ënnert dem Prétexte vum Kampf géint den Terrorismus haut villes méiglech ass, wat eigentlech net däerft sinn.

Deemools ass schonn drop higewise ginn, datt d'Dateschutzkommissiounen an Europa gesot hunn, si wiere beim Zustanekomme vun deenen Accorden, wou et awer ëm wichteg Dateschutzbestëmmunge geet, emol net ëm hiren Avis gefrot ginn.

Wat elo hei als Dateschutz am Gesetz drasteet, ass u sech kontradiktoresch! Ech wëll emol einfach dorobber hiweisen, wéi kontradiktoresch datt et ass.

D'Gesetz seet an der Essenz: Mir baséieren eis engersäits op d'Artikele 24 bis 32 vun der Direktiv vun 2008 iwwert den Dateschutz, an anerersäits ass zu Lëtzebuerg zoustänneg d'Autorité de contrôle, laut Artikel 17. Wat kann d'Autorité de contrôle laut Artikel 17 maachen? Et ass d'nämlecht wéi bei der SREL-Diskussioun, well et geet ëm Fichier-règlementéen: Si kann higoen, kucken, wann ee reklaméiert, ob déi Donnéeë korrekt sinn. A wa se net korrekt sinn, ka se se just läsche loossen. A wa se da geläscht sinn, informéiert se dee Betreffenden, de Fichier wier elo an der Rei.

Dat ass awer eng Dispositioun, dat ass awer eng Praxis, déi total konträr zum informationelle Selbstbestëmmungsrecht vum Bierger ass! De Bierger, dee muss wëssen, wat iwwer hie wou gespäichert ginn ass a wat domadder geschitt. An doweinst seet jo och den Artikel 28 vun där Direktiv, op déi sech hei beruff gëtt, datt, wann d'Läschen dem Betraffene kéint Problemer stellen, dann däerft net geläscht ginn. Also beruffe mer eis hei op engersäits eng Direktiv, déi seet, et däerft net geläscht ginn, a mir ginn d'Kompetenz un eng Autorité de contrôle nationale, déi keen anere Moyen huet, wéi ze läschen.

Dat ass einfach eng Aart a Weis, wéi een net mam Dateschutz kann ëmgoen. An et ass och d'Ursaach, aus där mir, wéinst där mir hei géint dat Gesetz stëmmen.

Derbäi kënnt, datt effektiv - d'Annex I vun der Direktiv - hei am Gesetz drasteet, datt, wann déi ännert, da wier se automatesch fir eis mat geännert. A wourëms geet et an der Annex I? Ma et geet ëm déi Donnéeën, déi ee kann ofruffen. Et geet ëm déi Donnéeën, déi am Fichier dra sinn. An ech fannen, dat ass esou eng wichteg Saach, datt een net einfach kann higoen a soen: Wann déi Donnéeën änneren, da si se fir eis automatesch mat geännert. Mä da misst een effektiv doriwwer diskutéieren an ofstëmmen.

Ënnert dem Strëch menge mir also, datt et scho wichteg ass, fir Informatiounsaustausch ze hunn iwwer Infraktiounen, esou wéi mer jo och ee bräichten iwwer Infraktiounen, wat d'Steierhannerzéiung ugeet. Mä do gëtt net esou vill driwwer diskutéiert. Do hu mer nach kee Projet de loi an deem Sënn virleien. Mir mengen, datt dat misst méiglech sinn. Mä net op déi doten Aart a Weis, wou den Dateschutz esou schlecht respektéiert gëtt, wéi dat an dësem Fall de Fall ass!

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun an d'Wuert huet den Nohaltegkeets- an Transportminister.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President, fir d'Éischt emol Merci och hei der Rapportrice fir den ausféierleche Rapport an och all de Riedner fir hire Beitrag. Ech muss soen, d'Diskussioun, déi elo zum Schluss hei gefouert ginn ass iwwert den Dateschutz, ass sécherlech eng berechtegt.

Ech wëll déi awer elo net méi hei am Fong féieren, well ech mengen, datt awer an den Diskussiounen, déi an der Kommissioun waren, eng Rei Saache konnten och entkräft gi vun deem, wat elo hei behaapt ginn ass. D'autant plus, wou jo och, wann ech de Modell kucken, net genuch Zäit wär elo, fir dat am Detail elo hei ze diskutéieren. Ech sinn awer der Meenung, datt dat, esou wéi et hei duergestallt gëtt, net berechtegt ass, soen ech ganz kloer!

Et geet hei drëms, datt mer déi Direktiv - an dat ass d'Fro, déi jo gestallt ginn ass: Firwat setze mer déi iwwerhaapt nach ëm? -, datt mer se mussen ëmsetzen, well den Délai war de 7. November schonn ofgelaf an et leeft eng Procédure d'infraction géint Lëtzebuerg. A mir hu wierklech nach Zäit maximal bis..., also mir misste se eigentlech schonn ëmgesat hunn. Duerfir sinn ech frou, datt mer et elo nach hei stëmme virun Enn des Joers.

Elo kann ee sech d'Fro stellen: Wat fir e Sënn mécht dat? Gëtt elo alles iwwerschafft? Neen, ech kann lech soen, wat iwwerschafft gëtt, dat ass op Basis och vun enger Décisioun, déi de Conseil „Transport" den 8. Oktober bei enger Orientation-générales-Debatt geholl huet, datt d'Base légale iwwerschafft gëtt. Dat heescht, de Moment geet et hei jo ëm d'Coopération police judiciaire (veuillez lire: d'Coopération policière et judiciaire), an et gëtt verschobe vun do eriwwer zum Transport.

Dat war och d'Haaptkritik, déi gemaach ginn ass beim Arrêt vun der Cour. Et ass net, datt déi ganz Direktiv hei komplett a Fro gestallt ginn ass. Et ass haaptsächlech d'Base légale, déi a Fro gestallt ginn ass. An et ass och dat, wat wäert geschéien. Dat heescht am Kloertext: Mir wäerte keng substanziell Modifikatioune musse maachen herno um Text, wéi en hei elo ugeholl gëtt, mä d'Base légale gëtt wahrscheinlech herno geännert, wa mer déi nei Direktiv hunn, déi relativ séier wäert kommen. Well wéi gesot, et huet keen an Europa Intérêt, datt mer hei keng Base légale méi hunn. Déi hei leeft jo nach bis de Mee d'nächst Joer. An duerfir wäert dat relativ séier, wéi gesot, goen.

Ech sinn der Meenung, datt mer deen Échange hei brauchen. Well ech soen lech just: Wa mer dat net hunn, da kënne mer alles vergiesse vun Infraktioune sanktionéieren a Mechanismen an all Méiglechkeeten, déi mer eis ginn, fir méi Verkéiersséchеrheet ze kréien!

Den Här Graas huet et virdru beschriwwen: De Bilan, dee mer hunn, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä generell an Europa, ass net terribel am Moment. A wa mer eis déi do Méiglechkeet net ginn, da kënne mir vill Mesuren ergräifen, fir derfir ze suergen, datt mer méi Verkéiersséchеrheet kréien, datt mer d'Leit zu méi Disziplin kréien, mä dann notze se eis näischt, well effektiv jiddwereen an deem anere Land engem eng laang Nues ka maachen a keen effektiv kann, jee nodeem, wou en dann immatrikuléiert ass, sanktionéiert ginn.

Duerfir sinn ech der Meenung, datt dat heiten eng wichteg Direktiv ass. An, wéi gesot, mir brauchen un der Substanz herno näischt ze änneren, mä d'Base légale gëtt geännert. An ech ginn dovun aus, datt déi Direktiv relativ séier wäert fäerdeggestallt ginn, soudatt mer déi och relativ séier also wäerten ëmsetzen, wa se da geännert gëtt, hei am Parlament.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Minister. A mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6566 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6566 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 6566 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen, bei 5 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par M. Serge Wilmes);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall' Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann elo direkt zum nächste Punkt iwwergoen. An dat ass d'Interpellatioun vum Här Aly Kaes iwwert d'N7 a méi prezis iwwert d'Sektioun Fridhaff-Schmëtt. Den Här Kaes huet d'Wuert.

8. Interpellation de M. Aly Kaes sur la N7/E421 sur la section Fridhaff-Schmëtt

Exposé

M. Aly Kaes *(CSV), interpellateur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Zäitpunkt, wou ech dës Interpellatioun ugefrot hunn, war d'N7 am Géigendeel zu haut net gradesou an der Aktualitéit. Meng Demande war eng Reaktioun op den Dépôt vun de Plansectoriellen, déi dee Moment an d'Prozedur gaange sinn an déi, wéi mer mëttlerweil jo wëssen, vun...

(Incident technique)

...zréckgezu gi sinn. Et war eng Reaktioun op deen, an eisen Aen, onkomplette Plan sectoriel «Transports», wou eng vun den Haaptverkéiersachsen aus dem Land, d'Achs vum Norden erof an den Zentrum, net déi Beuechtung a Prioritéit bei der Regierung fonnt huet, déi dës Strooss, an eisen Aen, eigentlech misst hunn. Duerfir, wéi gesot, hunn ech dës Interpellatioun ugefrot.

Et ass also net, wéi vläicht Verschiddener mengen, prioritär wéinst där rezenter schwaarzer Serie vun Accidenter op der N7. Et geet och definitiv net ëm mech, wéi dat Verschiddener ëmmer erëm heibannen an och dobausse mengen, wann hei an der Chamber oder op anere Plazen iwwert d'Streck tëschent dem Fridhaff an der Wämperhaart diskutéiert gëtt.

Ech wollt u sech an deem Kontext dann och eng Kéier kloer soen, dass, jo, wann ech en Egoist wier a wann ech just géif no mir kucken, da wier et mer eigentlech - an ech betounen, eigentlech - egal, wéi et ëm d'Sécherheet op dëser N7 op der Streck bestallt ass.

Well déi Wéinegst wëssen dat vläicht: Ech fuere vun deenen 43 Kilometer, déi dës Streck laang ass, just de Wee vum Rond-point Fridhaff bis bei déi éischt Sortie. Dat si genau 1,6 km. Da sinn ech erof vun där Strooss. Et kéint mer, wéi ech scho gesot hunn, dann eigentlech egal sinn, wat hannendrun nach esou geschitt.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer iwwerhaapt net egal! Et geet mer eenzeg an eleng dorëms, fir d'Verkéiersséchеrheet fir all Bierger aus dësem Land souwéi och fir déi sëllech auslännesch Chauffeuren, déi op dëser Streck ënnerwee sinn, nohalteg ze verbesseren. An dofir setzen ech mech zënter Joren an.

Elo kënnt dann natierlech direkt de Virworf, deen een alt ëmmer gären am Kontext vun der N7 ze héiere kritt: dass d'CSV jo laang genuch um Rudder war, dass se laang genuch Zäit hat, fir d'Sécherheetsproblemer op dëser Streck ze behiewen.

(Brouhaha)

Dat ass sécherlech eng berechtegt Kritik. An ech wier dee Leschten, deen dat net versteet. Ech hat duerfir och mam fréiere Minister a mat mengem aktuelle Fraktiounspresident déi eng oder déi aner ganz intensiv Diskussioun.

Plusieurs voix.- Aah!

M. Aly Kaes *(CSV), interpellateur*.- Mä…

(Interruption)

Waart schéin!

...dës Diskussioune waren awer schlussendlech net ëmsoss. Et ass nämlech esou, dass den deemolege Minister Claude Wiseler d'accord war, dee véierspuregen Ausbau vun der integraler N7 an den Avant-projet vum Plan sectoriel «Transports» anzeschreiwen. Jo, domadder hätten d'Baggeren natierlech net direkt kënnen ufänke mat schaffen, mä et hätten awer déi Moossname kënne getraff ginn, déi de Bau vun der N7 mëttelfristeg op véier Spure géifen erméiglechen, an zwar: e Gesamtkonzept développéieren, en Avant-projet maachen, Korridoren ausweisen an esou weider.

Vu dass den Avant-projet vum Plan sectoriel «Transports» vum 13. Juni 2013, vun deem ech eben hei schwätzen, net public ass, wëssen u sech déi mannste Leit, wat genee iwwert den